N°1224
Entrée le 21.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1224 vum 23. September 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: Firwat goufen et zäitgläich dräi Schantjeeën op dräi Haaptverkéiersachsen?*

Wéinst Arbechte op der Nationalstrooss N31, wat eng Haaptverkéiersachs ass, huet de Verkéier iwwert gëeegent Stroossen misste deviéiert a verdeelt ginn. Dës Deviatioun ass haaptsächlech iwwer d'Nationalstrooss N5, mee och iwwer den CR111 gaang. Dobäi ass nach ze soen, dass et aus organisatoresche Grënn net méiglech war, d'Aarbechten op der Nationalstrooss N31 an der Vakanzenzäit ze realiséieren.

D'Aarbechten um CR111 waren esou reglementéiert, dass d'Strooss als Einban, also am "sens unique", befuerbar war. Dës Einban war an der selwechter Richtung wéi d'Deviatioun, esou dass dëst elo kee gréisseren Impakt op de Verkéiersfloss hat.

D'Aarbechten um CR175 waren net direkt op enger Deviatiounsstreck. De Verkéier gëtt do gréisstendeels duerch lokal Gemengen-Deviatioune geleet, esou dass d'Interatkioun tëscht dësen Aarbechten an deenen op der Nationalstrooss N31 als geréng betruecht ka ginn.

Ausserdeem wéilt ech gär dorop hiweisen, dass et sech bei den Aarbechten um CR111 (Rue de Linger) esou wéi um CR175 (Route de Niederkorn) em Chantiere vun der Gemeng Péiteng handelt. De Chantier op der Nationalstrooss N31 gëtt dogéint vun engem nationalen Netzbedreiwer geréiert.

*Fro 2: Wéi eng Aarbechten goufen op deene jeeweilege Stroossen duerchgefouert?*

Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 duergeluecht, handelt et sech bei den Aarbechten net ëm Chantieren, déi vun der Stroossebauverwaltung ausgeféiert ginn. Wat de Chantier op der Nationalstrooss N31 betrëfft, präziséieren ech awer, dass Reparaturaarbechten un engem Gruef duerchgefouert goufen, déi op Basis vun enger "Permission de voirie" realiséiert goufen.

*Fro 3: Gouf sech am Viraus koordinéiert, fir déi 3 Schantjeeën parallel lafen ze loossen?*

De 6. September 2024 ass eng Reunioun ofgehale ginn, zu där déi concernéiert Gemengen an d'Entreprisen invitéiert waren. De Compte-rendu mat all den dokumentéierten Demarchë gouf nach de selwechten Dag un déi jeeweileg Gemenge Péiteng a Käerjeng verschéckt.

*Fro 4: Wéi hunn d'Ponts et Chaussées sech mat de Verantwortleche vun der Gemeng Péiteng koordinéiert?*

D'Koordinatioun ass haaptsächlech iwwert dës Reunioun vum 6. September 2024 gelaf. Laut den Informatiounen vun der Stroossebauverwaltung gouf et och Telefonsgespréicher tëscht hierer regionaler Déngschtstell an dem technesche Service vun der Gemeng Péiteng.

Ech wëll awer och ofschléissend betounen, dass eng besser Koordinatioun vun de Chantieren en Deel vum Koalitiounsaccord 2023-2028 ass. Dëse Punkt ass deemno eng Prioritéit vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten un dem aktiv mat der Stroossebauverwaltung geschafft gëtt, fir d'Koordinatioun vun de Chantieren allgemeng ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes